CSV DIKRICH

Dikrich, den 19 Februar 2018

Här Buergermeeschter,

Erlaabt mir fir d'éischt e puer allgemeng Remarquen ze maachen zu där Erklärung déi Dir an der Sitzung vum 11. Dezember 2017 hei virgedroen hutt, da kuerz op déi Themen hinzeweisen, déi mir an ärer Schäfferotserklärung vermësst hunn är mir ë bësse méi am Detail op deen een oder anere kritische Punkt aginn.

A) Généralités

Den Ufank an de Schluss vun ärer Schäfferotserklärung si bemierkenswert :

Di éischt 20 Zeilen hutt Dir praktisch integral aus der Schäfferotserklärung vun 2011 iwwerholl. Just am Abschnitt iwwer d'Roll oder den Aufgabeberäich vun de Gemengeservicer hut Dir e wesentliche Passage gestrach: 2011 hutt Dir nach geschriwwen « von Privatisierung der selbigen soll Abstand genommen werden ». Wann Dir dat dës Kéier net méi schreift, heescht dat, dass Dir an dëser Mandatsperiode deen een oder anere Gemengeservice wëllt outsourcen, a Privathänn ginn ? U wat fir ee Service hutt Dir do geduecht ?

Di letzt 10 Zeile hutt Dir och aus der Schäfferotserklärung vun 2011 iwwerholl, ausser, dass Dir dës Kéier och nach d'Nordstad bäileefig um Rand ernimmt. « Hauptziel des Schöffenrates ist es, Diekirch sowie die Nordstad als Wohn- und Arbeitsstadt zu steigern. » Dir schwätzt awer net méi, wi nach 2011, vun der Opstellung vun engem « Regionale[n] Bebauungsplan im Sinne der Nordstad unter Berücksichtigung ökologischer Aspekte und Einhaltung der Naturschutzbestimmungen ». D'Opstelle vun engem regionalen Nordstadbebauungsplang, ee fundamentaalt Planungsinstrument ouni dat d'Nordstad als geographisch a funktionell zesummenhängend Regioun ganz einfach net planbar ass, hutt Dir dës Kéier aus ärem Programmm gestrach. Dir verstitt, dass mir eis do d'Fro musse stellen – an déi da gläich un Eech weider ginn : Wéi wichtig ass d'Nordstad Eech wierklich ?

Mir hu leider d'Gefill, wi wann niewent der Nordstad och d'Kultur an ärer Schäfferotserklärung quasi lénks leie gelooss gëtt. Et gesäit sou aus, wi wann Dir um Schluss vun der Schäfferotserklärung hätt misse feststellen, dass d'Kultur an ärem Programm wierklich ze kuerz komm ass, an dunn nach séier deen allerletzte Saz als passe-partout bäigeprafft hätt : « Kultur- und Freizeitangebote sollen dem Bürger durch gezielte lokale und regionale Planungen zu Gute kommen. » Leider kann ee mat sou Aussoen net allzevill ufänken.

Dir hutt an ärer Schäfferotserklärung 59 prioritär Projeten opgezielt. Wann ee vum ganze Package déi 47 Projeten ofrechent, déi sich just mat deem üblichen an obligaten Entretien befaassen, déi schonn en voie d'exécution sinn oder déi ganz aleng vum Staat initiéiert an exekutéiert ginn, bleiwe vun deenen 59 just 12 nei kommunal Projeten iwwrig, also ronn ee Fënneftel, mat deenen Dir versicht, nei Akzenter ze setzen.

1. *Analyse der Verkehrssituation und Studie für eine stufenweise Umsetzung eines verkehrsberuhigten Diekirch und verkehrsfreien Stadtvierteln*
2. *Einführung eines lokalen, umweltfreundlichen und gemeindeeigenen Personentransports pro Wohnviertel*
3. *Schaffung von zusätzlichem Parkraum*
4. *Angebot für Stellplätze für Lieferwagen*
5. *Umgestaltung der durch die Verwirklichung des ZANO in Diekirch freiwerdenden Areale*
6. *Erstellung eines Baumkatasters der Obstbongerten*
7. *Verbesserung der Luftqualität u.a. durch Förderung von Grünflächenanlagen auf Gebäudedächern*
8. *Klimatisierung der Gebäude des „Musée d' Histoire[s] Diekirch" – Kulturhaus*
9. *Ausbau des Areals „Conservatoire National de Véhicules Historiques" und „Musée d 'Histoire de la Brasserie de Diekirch" sowie Modernisierung des Bienenmuseums (relocalisation du Musée de la Brasserie sur le site de la Brasserie)*
10. *Schaffung zusätzlicher Infrastrukturen für die Kinderbetreuung (Maison Relais/Crèche)*
11. *Aufbau einer lokalen „Jugendnordstadkommission"*
12. *Bau einer zusätzlichen Sporthalle in Diekirch*

Wann een déi Projeten, déi an de Wahlprogramme vun alle politische Parteien méi oder manner explizit erwähnt goufen, ofzielt, da bleiwen nach 5 eegen nei Projeten. An dat wären :

1. *Analyse der Verkehrssituation und Studie für eine stufenweise Umsetzung eines verkehrsberuhigten Diekirch und verkehrsfreien Stadtvierteln*
2. *Einführung eines lokalen, umweltfreundlichen und gemeindeeigenen Personentransports pro Wohnviertel*
3. *Erstellung eines Baumkatasters der Obstbongerten*
4. *Aufbau einer lokalen Jugendnordstadkommission*
5. *Bau einer zusätzlichen Sporthalle in Diekirch*

… woubäi ech mir beim Punkt 5. net sécher sinn, ob et sich hei ëm ee kommunalen oder awer och ëm ee reng staatliche Projet handelt, wéi di nei Sportshal um Härebierg. An deem Fal wären et der dann nëmme mi 4.

Vun deenen 59 Projeten déi Dir an ärer Schäfferotserklärung ugekënnigt hutt, sinn der eng ganz Rei, déi mir begréissen an déi mir och voll a ganz ënnerstëtzen. Mat anere Projeten si mir prinzipiell oder deelweis averstan. Dat heescht, am Eenzelfall musse mir all Projet, wann e sou wäit ass, dass ë kann am Gemengerot virgestallt an diskutéiert ginn, am Detail analyséieren an eis vergewësseren, dass en och wierklich an di richtig Richtung geet.

1. *Befürwortung einer nationalen Umgehungstrasse Fridhaff - Selz für Diekirch*
2. *Instandhaltung einer attraktiven Fußgängerzone und Altstadt*
3. *Abschluss des Baulückenschließungsprogramms*
4. *Umgestaltung der durch die Verwirklichung des ZANO in Diekirch freiwerdenden Areale*
5. *Umgestaltung des westlichen Ortseinganges an der route d'Ettelbrück*
6. *Weitere Straßenbauarbeiten mit Komplettsanierung der Infrastrukturen (r. Clairefontaine)*
7. *Ausweitung des „Parking résidentiel"*
8. *Angebot für Stellplätze für Lieferwagen*
9. *Schaffung von Bauland im Walebroch gemäß den vorliegenden Masterplänen*
10. *Schaffung von zusätzlichem Parkraum*
11. *Vergrößerung des Friedhofes mit Bau eines neuen Kolumbariums*
12. *Weitere Digitalisierung des lokalen TV-Netzes mit Anbietung von Internetanschluss und digitalem Telefon*
13. *Ausbau des Smart-Metering Konzeptes (elektronische Ablesung)*
14. *Einsatz für eine weitere lokale Dezentralisierung staatlicher Verwaltungen*
15. *Neugestaltung der Cité Militaire zu einem attraktiven autofreien Wohnviertel mit staatlichen Verwaltungen, Büros, Kleingewerbe, Crèche, Grünanlagen sowie einem öffentlichen Parkhaus mit 350 Stellplätzen*
16. *Verwirklichung des neuen Stadtviertels „Dreieck Diekirch" mit neuer Diekircher Brauerei*

17. *Bau eines zusätzlichen Wasserbehälters auf Fridhaff zwecks Absicherung der Trinkwasserversorgung*
18. *Realisierung einer Zugangsstraße zur Kaserne „Grand-Duc Jean" auf Herrenberg ab Kreisverkehr Fridhaff*
19. *Bau eines regionalen Rettungszentrums auf Fridhaff*
20. *Bau neuer Strukturen für die Straßenbauverwaltung, Verlegung von der Gilsdorferstrasse auf Fridhaff*
21. *Schaffung eines zusätzlichen Internats für Studenten*
22. *Verwirklichung der „Zone d'activités Nordstad" (ZANO) mit über 30 regionalen Betrieben*
23. *Überprüfung und Instandhaltung aller Hochwasserschutzmaßnahmen an Sauer, Tirelbaach, Flossbaach und Bamerdallerbaach in Zusammenarbeit mit der „Administration de la Gestion de l'Eau"*
24. *Festlegung der Wasserschutzzonen zur Absicherung der gemeindeeigenen Trinkwasserquellen*
25. *Erneuerung der Trinkwasserleitung Dillingen-Diekirch*
26. *Instandhaltung und Ausbau des Natur-Erlebnis-Parks in Bedigen / Fortführung der extensiven Bewirtschaftung*
27. *Erstellung eines Baumkatasters der Obstbongerten*
28. *Mitfinanzierung am Neubau der interkommunalen Kläranlage auf Bleesbréck*
29. *Weitere Belebung sowie pädagogischer Ausbau des Umweltzentrums „Holdäer"*
30. *Weitere Ausführung des Energieversorgungsplanes (Fernwärme- und Gasnetz)*
31. *Weitere Investitionen in das gemeindeeigene Stromnetz*
32. *Förderung der regenerativen Energien wie Solar- und Windkraft*
33. *Verbesserung der Luftqualität u.a. durch Förderung von Grünflächenanlagen auf Gebäudedächern*
34. *Keine Erschliessung zwecks Bau von Wohnvierteln an den Hängen rund um Diekirch*
35. *Klimatisierung der Gebäude des „Musée d' Histoire(s) de la Ville de Diekirch" - Kulturhaus*
36. *Weitere Instandsetzung sowie pädagogischer Ausbau des „Musée National d'Histoire Militaire"*
37. *Ausbau des Areals „Conservatoire National de Véhicules Historiques" und „Musée d 'Histoire de la Brasserie de Diekirch" sowie Modernisierung des Bienenmuseums*
38. *Zusätzliche Investitionen in die Campinginfrastrukturen*
39. *Modernisierung/Umbau des Probesaales der „Philharmonie Municipale Diekirch"*
40. *Weitere Schaffung von Sozialwohnungen durch Kauf oder Anmietung durch die Gemeinde*
41. *Ausbau des neu geschaffenen Sozialdienstes der Gemeinde*
42. *Weitere Absicherung der Beschäftigungsinitiative CIGR Nordstad und zusätzliche Maßnahmen zum Abbau der lokalen Arbeitslosigkeit*
43. *Anlegen von behindertengerechten und sicheren Schulwegen in den neu zu schaffenden Wohnvierteln*
44. *Schaffung zusätzlicher Infrastrukturen für die Kinderbetreuung (Maison Relais/Crèche)*
45. *Weiterer Ausbau und weitere Modernisierung der Kinderspielplätze*
46. *Aufbau einer lokalen „Jugendnordstadkommission"*
47. *Bau einer zusätzlichen staatlichen Sporthalle auf dem Herrenberg*
48. *Bau einer zusätzlichen Sporthalle in Diekirch*
49. *Renovierung der bestehenden Sportsinfrastrukturen in der rue Merten (Leichtathletikpiste und Stadionrasen)*
50. *Regelmäßige Instandhaltung des Fitnessparcours und der Feld-, Wald- und Wanderwege*
51. *Bereitstellung eines Lokals für die „Portes ouvertes" der „Amicale fir den 3.Alter"*
52. *Erhalt und Erweiterung des Standortes Diekirch als lokales und regionales Polizei-kommissariat als Garant für die Sicherheit der Diekircher Bürger*
53. *Befürwortung des Angebotes von Immobilien für betreutes Wohnen*
54. *Absicherung und Ausbau des jährlichen Kulturprogrammes*

Är mir wéi ugekënnigt am 2. Deel ë bësse méi am Detail op deen een oder anere Projet aginn, wollte ech nach kuerz op 4 Punkten ze schwätze kommen, déi mir an ärer Schäfferotserklärung vermësst hunn :

1. Mir vermëssen eng kloer Ausso vum Schäfferot zu deem **Alen Altersheim** an der avenue de la Gare. Am Budget sinn zwar 350.000 € virgesinn, fir *d'Rénovation du rez-de-chaussée et du 1er étage*, mee doriwwer eraus gi mir net gewuer wat Dir à moyen oder long terme mat der fréierer Résidence du Parc wëlles hutt.

2. Och iwwer d'Zukunft vun der **Sauerwissschoul** hutt Dir eis am Ongewësse gelooss. Wat geschitt mat der Sauerwissschoul wann den Nordstadlycée plënnert an deen aktuelle contrat de location vun der Sauerwissschoul ausleeft ? Mir kommen nach drop zréck.

3. Iwwert den Nordstad-Bebauungsplang deen Dir leider aus ärer Prioritéite-Lëscht gestrach hutt hu mir scho geschwat. Mee och bei deenen aneren 59 Projeten ass **keen Nordstad-Projet**, deen eng dynamisch regional Perspektiv proposéiert. Mir hunn iwwerhaapt d'Impressioun Dir géift am Réckgank hannerrécks duerch d'Nordstad fueren.

Do wu aner Gemengen Aufgaben a Kompetenzen der Nordstad an hieren Institutiounen a Servicer uvertrauen, pocht Dir op är kommunal Eegestännigkeet a kacht a bracht Är eegen Zëppchen : Di aner Nordstadgemengen verginn d'Gromperegeld un den Office social Nordstad ; Dir maacht de Contraire. Di aner Nordstadgemengen beoptragen de Service Logements vum selwischten Office social Nordstad mat der Gestioun vun de Sozialwunningen ; Dir maacht de Contraire. Ettelbréck vergëtt den innerstädtischen Persounentransport un de Bummelbus an iwwerléisst de City-Bus dem RGTR ; Dir maacht de Contraire. … an där Beispiller ginn et nach méi.

Är Schäfferotserklärung gëtt eis leider net d'Gefill, dass et mat där aktueller Majoritéit zu Dikrich an den nächste Jaren e wesentliche Fortschrëtt an der Nordstad wäert ginn : Op den Nordstad-Kick-off wäerte mir nach musse waarden.

4. Mir hätten eis och gewënscht, Dir hätt eng prinzipiell Ausso oder op d'Mannst eng Undeitung gemaach am Zesummenhank mat der **Zukunft vun den Dikricher Kierchen**. D'Gesetz iwwer de Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique ass de 17. Februar an der Chamber gestëmmt ginn an et gesäit sou aus, wi wann di 2 Dikricher Kierchen schlussendlich an definitiv bei der Gemeng gelant wären. Obschonn de Gemengerot beschloss hat, di fréier Dekanatskierch an de Fong ze ginn, kënne mir ganz gutt mat där aktueller Situatioun liewen, och well mir d'Gefill hunn, dass d'Majoritéit vun den Dikricher Leit – gleewig oder net – di 2 Kierchen dach léiwer bei der Gemeng wi beim Fong gesäit. Dass di nei Uergel definitiv och bei d'Gemeng soll kommen, doriwwer gëtt et eiser Meenung no e breede Konsens.

B) Details

An engem éischte Block vun 11 Punkten, behandele mir eng Rei vu Projeten, déi *de loin* oder *de près* mat dem *Aménagement du territoire communal* ze dinn hunn. Et geet Rieds vun Urbanismus a vu Verkéier.

5. Dir plangt eng **Analys vun der Verkéierssituatioun**. Prinzipiell wär dat ze begréissen. An eisen Aë mécht esou eng Analys awer nëmme Sënn, wa si am regionale Kontext gemaach gëtt. Duerfir muss d'Zielsetzung an d'Planungsfläch – déi am Idealfall suguer di 9 Nordstad-Randgemengen wéi Reisdorf, Tandel, Buurschent, Feelen, Mertzig, Viichten, Bissen, Ärnzdall an Noumer misst abezéien – mat den Nopeschgemengen a mat de Bedreiwer vum ëffentliche Transport ofgeschwat ginn. Lo ass dat jo net di éischt Verkéiersanalys déi zu Dikrich an an der Nordstad gemaach gëtt.

Di rezent Etuden, déi sich mat där aktueller Verkéierssituatioun befaasst hunn, si bis elo ëmmer zum Schluss komm, dass all punktuell innerörtlich Moossnam de Verkéiersfloss an an duerch Dikrich net wesentlich verbessere kann, well si näischt anischtes bewierkt, wéi just eng Ëmverdeelung vun der Verkéiersbelaaschtung vun engem Quartier an deen aneren: Deen ee Quartier gëtt verkéiersberouigt an deen anere Quartier gëtt mat méi Verkéier belaascht. Mir huelen mol unn, dass – am Sënn vun enger maximaler Transparenz an enger gréisser Biergerbedeeligung – d'Awunner gefrot ginn, wat fir eng Quartiere solle verkéiersberouigt ginn a wat fir eng Quartiere méi Verkéier kënne verdroen, är déi Moossnamen ëmgesat ginn. Dat mécht béisst Blutt a léisst schlussendlich kee Problem. Am Géigendeel.

6. Fir di exzessiv Verkéiersbelaaschtung zu Dikrich defintiv an de Grëff ze kréien, muss d'Ursaach dovun identifizéiert an eliminéiert ginn. Di rezent Verkéiersetuden hun ëmmer ganz däitlich den Transitverkéier als Ursaach vun der Verkéiersbelaaschtung zu Dikrich erkannt a sinn all zu folgendem Schluss komm : Niewent dem Ausbau vun engem performanten an einfachen ëffentlichen Transport gëtt et nëmmen ee Mëttel, de Verkéier zu Dikrich an de Grëff ze kréien, an dat ass de Bau vun engem **Contournement Nord**, deen den Transitverkéier aus Dikrich raushällt. Mir hu mat Satisfaktioun festgestallt, dass de Schäfferot och vun der Noutwendigkeet vun enger Nord-Ëmgehungsstrooss fir Dikrich iwwerzeegt ass a sich lo och dofir asetzt.

7. **Zousätzliche Parkraum** huet och fir eis absolut Prioritéit. Mir gesinn neie Parkraum net an der Breet méi éischter an der Héicht. Sou kënne mir eis virstellen, ee Parkhaus ze bauen op dem Areal vun der Cité militaire – awer mat engem Accès op der rue Alexis Heck an net op der rue Clairefontaine, op dem Areal hannert dem fréiere SCALA an op der Gare hannert der ESSO. Hei sollt een de Bau vun de Parkhaiser als Obligatioun fir den zukünftige Promoteur an de PAP schreiwen.

8. Wa mir och mat der « Instandhaltung einer attraktiven Fußgängerzone und Altstadt » averstan sinn, sou hu mir awer Problemer mat dem zweeten Deel vun deem Projet, wou et ëm d' « **Erweiterung einer attraktiven Fußgängerzone und Altstadt** » geet. Ech wollt drun erënneren, dass Dir 2004 scho Pläng hat fir d'Foussgängerzon Richtung Gruef ze vergréisseren. Dat bréngt mat sich, dass de Circuit giratoire ënnerbrach an de Verkéier rëm an 2 Richtunge ronderëm Dikrich leeft. Och hei gëllt, dass dee Verkéier deen Dir op enger Plaz, hei dann am Gruef, wech huelt, op enger anerer Plaz dobäi kënnt. Deemools war d'Akzeptanz vun där Iddi bei de Leit net ganz grouss. Wann d'Awunner vun déisäit dem Gruef och méi liicht zu Fous an Dikrich komm wären sou ware si awer staark beonrouigt iwwer de Surplus vu Verkéier deen aus Richtung Bamerdall an Esplanade op si duerkomm wär. Mir sinn der Meenung, dass och hei d'Awunner musse gefrot ginn, ob si mat enger Erweiterung vun der Foussgängerzon iwwer den Alstadkär eraus averstan sinn oder net.

9. Äre Projet « **Einführung eines lokalen, umweltfreundlichen und gemeindeeigenen Personentransports pro Wohnviertel** » stéisst eis ganz sauer erop. Mir wëllen drop hiweisen, dass d'Stad Dikrich mam Forum pour l'Emploi eng Konventioun ënnerschriwwen huet déi et den Dikricher Leit erméiglicht vum Bummelbus ze profitéieren, fir sich bëllig an einfach am Raum Nordstad ze beweegen. Doniewent hat d'Stad Ettelbréck laang Jaren hieren eegenen Busservice deen d'Trabante-Véierel op den Häng ronderëm Ettelbréck mat dem Stadkär verbonnen huet. Neierdéngs ass den Ettelbrécker City-Bus an den RGTR-Bussystem integréiert. Eis ass et absolut schleierhaft firwat hei de Schäfferot de Réckgank awerft a géint de Stroum schwëmmt : Firwat net vum Bummelbussytem profitéieren fir di kleng intra-urban bzw. interkommunal Deplacementer ? Firwat op eege Käschten een neie kommunale Transportsystem aféieren deen op anere Plazen an der Nordstad schonn rëm aus der kommunaler Verantwortung entlooss gouf ?

Aus ganz onerkläerliche Grënn gëtt dëse Projet ënnert dem Kapitel « Soziales » an net beim « Verkéier » opgefouert. Heescht dat éieren dass nëmme sozialschwaach Leit vun deem Service kënne profitéieren ?

10. Fir d'Kapitel Verkéier ofzeschléissen, nach e puer Wuert zum **öffentlichen Transport um Axe central**. « Aufrechterhaltung des schienengebundenen öffentlichen Transports auf der Verkehrsachse Diekirch - Erpeldingen an der Sauer - Ettelbrück mit Anbindung des Campus Merten und des Viertel Sauerwiss als „shared space" », dat ass bekannterweis äre Credo an deem Dossier. Mir wëlle trotzdem ze bedenke ginn dass op där enger Säit di « Schienengebundenheit » déi eech sou um Häerz läit, dach d'Flexibilitéit vun engem ëffentlichen Transportsystem fir de Persouneverkéier wesentlich aschränkt an dass op där

anerer Säit de Plazverbrauch an d'Käschte vu sou engem duale System, Bus plus Schinn, um Axe central, wéi Dir en *à court et moyen terme* plangt net onproblematisch ass. Mir sinn der Meenung, dass den Zuch mëttel- oder laangfristig kann duerch een tramähnliche performante Bussystem vum Typ *Bus à haut niveau de service*, wéi en ënner anerem zu Metz funktionnéiert a wéi en am Minette tëschent Déifferdéng, Dideléng, Belval, Esch a Schëffléng geplangt gëtt, ersat ginn. Bis sou ee Bussystem operationell ass, soll den Zuch de Persounentransport tëschent Dikrich an Ettelbréck weider garantéieren

11. Ech wollt nach eng Kéier op de Projet **Réaménagement vun der Cité militaire** zréckkommen. Dat ass ee plan Directeur deen am iwwerschaffte PAG vun 2016 virkënnt an deen eestëmmig vum Gemengerot approuvéiert ginn ass. Deen trostlosen Ubléck deen di vill eidel Wunningen an der Cité vermëttelen sinn am Fong schonn Argument genuch fir dëse Projet voll a ganz z'ënnerstëtzen.

Niewent der Implantatioun vum Parkhaus, dat op den éischte Pläng déi an der offizieller Presentatioun gewise goufen, laanscht d'Kléck virgesinn ass, an dat mir éischter laanscht d'rue Alexis Heck gesinn, hu mir awer och nach e Problem domat dass Dir hei ënner anerem och Lokaler fir Kleingewerbe virgesitt. Wann ee gesäit wivill Geschäfter a fréier Handwierks-betrieber an Dikrich eidel stinn, da muss ee sich dach froën, ob et Sënn mécht, an der Peripherie vum Stadkär zousätzlich Lokaler fir Kleingewerbe ze plangen, déi schlussendlich den Exodus aus dem Stadkär wäerte verstäerken. Domat leescht Dir den Dikricher Geschäftsleit keen Déngscht.

Um Fridhaff hutt Dir allerhand wëlles : « Bau eines regionalen Rettungszentrums auf Fridhaff, Bau neuer Strukturen für die Straßenbauverwaltung mit deren Verlegung von der Gilsdorferstrasse auf Fridhaff an Bau neuer Gebäude auf Fridhaff für die „Administration des Services techniques de l'agriculture" (ASTA). »

12. Wa mir och prinzipiell mat dem Bau vun engem **regionale Centre de secours** um Fridhaff, op deem Terrain laanscht de Gréngewee, vis-à-vis vum Schmitte Loll senger Scheier, averstan waren a sinn, muss een dach zouginn, dass d'Topographie vum Terrain éischter schwierig ass fir e sou ee Bau a fir den Accès. D'Hochspannung mécht dem Helikopter et sécher och net einfach do ze starten an ze landen. Oder ass deen Terrain deen d'Stad Dikrich kaaft huet just als Tausch- oder Kompensatiounsareal geduecht, an de Centre de Secours régional kënnt op een aneren Terrain ronderëm de Rond-Point um Fridhaff. Obschonn de Bau vun deem Centre de Secours régional kee kommunale Projet ass, ass d'Stad Dikrich méi wi all aner Nordstadgemeng mat dem Projet befaasst, well si de préfinancement vum Terrain gemaach huet, well si de PAG muss upassen fir dass de Staat oder de CGDIS hei deen Zenter ka bauen a well si een Intressi drun huet dass an hierer direkter Noperschaft sou ee Centre de Secours entsteet dee fir d'Sécherheet an d'Hëllef an der ganzer Regioun zoustännig ass.

13. Am selwischten Ulaf muss de PAG och ugepasst ginn fir d'**Aussiedlung vum Ponts & Chaussée**s aus der Gilsdrëfer Strooss op de Fridhaff ze erméiglichen. Och mat dësem Projet kënne mir averstan sinn, well ee gréissert Areal am Dall fräi gëtt a anischt kann urbaniséiert ginn.

14. Wat den Neibau vun der Ackerbauschull op Kréiwénkel ugeet, si mir der Meenung, dass et Sënn mécht op der Grenz tëschent der Gemeng Bettendrëf an der Stad Dikrich ee regelrechte Landwirschafts-Cluster unzesiedelen an och di initial geplangten **Gebaier fir de Laboratoire vun der Administration des Services Techniques de l'Agriculture** (ASTA) a fir d'Büroe vun der Chambre de l'Agriculture, sou wi virgesinn, ronderëm di nei Ackerbauschull op Kréiwénckel ze bauen an d'Areal um Fridhaff der Administration des Ponts et Chaussées z'iwwerloossen.

15. An dësem Kontext kann ee vläicht um Rand ernimmen, dass dat neit Pensionat vum Lycée Sainte Anne an d'Internat Saint Joseph vun der Ackerbauschull zu Ettelbréck an Zwëschenzäit fusionnéiert hunn. Dat neit « Internat Sainte Anne » ass dann op fir Meedercher a fir Jongen während dat aalt Internat an der Ackerbauschull – déi jo vum Lycée technique vun Ettelbréck wäert iwwerholl ginn – zougemaach gëtt De Kapazitéitsiwwerschoss vu ronn 60 Better am aktuelle Pensionnat Sainte Anne geet gutt duer fir d'Pensionnairen aus dem Internat Saint Joseph vum LTA ze relogéieren. Dat ass wahrscheinlich d'Ursaach firwat et de Moment su rouig ass ronderëm dat **neit Internat**, wat sollt zu Dikrich ënner anerem fir d'Ackerbauschull op Kréiwénkel gebaut ginn.

Souwäit den éischte Block iwwert Urbanismus a Verkéier. An engem 2. Block vu 7 Punkte komme mir dann op di restlisch Projeten ze schwätzen déi mir nach kuerz wëlle kommentéiren :

16. Selbstverständlich si mir mat dem « Ausbau des Areals „Conservatoire National de Véhicules Historiques" und „Musée d 'Histoire de la Brasserie de Diekirch" sowie Modernisierung des Bienenmuseums » averstan, wann et drëm geet, dee Bannenhaff hannert der Schmëtt mat engem Glasdaach ze iwwerdecken oder hannert der fréierer Schreinerei WEIS ee *local de stockage*, Atelier oder Archiv bäizebauen. Allerdéngs gesi mir d'**Zukunft vum Brauereismusée** éischter op enger anerer Plaz : Mir fannen dass de Brauereismusée an d'Noperschaft vun der Brauerei gehéiert an dass den Zäitpunkt optimal ass, fir zesumme mat der « Brasserie de Diekirch » a mat de Promoteure vum Projet « Dräieck Dikrich » iwwert d'Implantatioun vum Brauereismusée op deem Terrain – vläicht an der aler Zockerfabrik – nozedenken an ze plangen. De Musée wär sécher eng Beräicherung vun deem Quartier a giff di gewollte funktionell Diversitéit vun deem neie Quartier ënnersträichen.

17. A propos **Conservatoire de Musique du Nord** : Dir hat 2011 versprach – an ech zitéieren aus der Schäfferotserklärung vun 2011 – ee « praxisorientiertes und multifunktionales Gebäude » fir de Conservatoire opzeriichten oder anzeriichten. Ech wollt drun erënneren, dass de Gemengerot den 19. Mee 2011 eestëmmig beschloss hat, all d'Aktivitéite vum Conservatoire de Musique du Nord hei zu Dikrich, op engem Site unique, an der Sauerwissschoul, ze konzentréieren, deelweis am Bestand an deelweis an zwee neie Gebaier, d'Danzhaus an d'Haus vun der moderner Musik.

Di provisorisch Zäitschinn vun deem Projet war aus budgétaire Grënn sou gestreckt ginn, dass di aktuell Gebaier vun der Sauerwissschoul fir Schoulzwecker un den Nordstadlycée verpacht gi sinn an dass réicht un di konkret Ëmsetzung vum Projet ka geduecht ginn, wann de Pachtvertrag mat dem Nordstadlycée ofgelaf ass. Lo verspreecht Dir eis eng « Modernisierung / Umbau auf dem Gebiet der Stadt Diekirch der Strukturen des Conservatoire de Musique du Nord ». Dat geet eis net duer. Eng nei Tapéit, eng nei Façade, eng sécher Trap a behënnertegerecht Toiletten, alles ass wichtig. Mir vermëssen awer do dohannert ee Gesamtkonzept, dat der Wichtigkeet vum enseignement musical gerecht gëtt, dat am Gemengerot virgestallt gëtt, zudeem de Gemengerot sich kann äusseren an iwwer dat de Gemengerot dann ofstëmmt.

Well de Conservatoire um Site Dikrich awer nach ëmmer no passenden zousätzliche Raimlichkeete fir d'Musikscoursen sicht, wollte mir Eech proposéieren d'Lokal « Am Depôt », 14 rue des Halles, ze lounen. Dat steet zur Zäit eidel, ass insonoriséiert, läit zentral a wär an eisen Aen als Zwëscheléisung ideal.

18. Mir begréissen natiirlich dass Dir d' « Modernisierung/Umbau des **Probesaales der Philharmonie municipale Diekirch** » virgesinn hutt. Och hei geet et net duer mat engem neien Ustrach. Dat ganzt Gebai muss iwwerholl ginn, fir dass d'Sécherheetsbestëmmunge kënnen agehal ginn. Mir wollten Eech drun erënneren, dass d'Musik net nëmmen de Proufsall benotzt mee och nach um Spächer ee Versammlungsraum huet – mat Accès iwwer eng hëlzen Trap – an zousätzlich Plaz brauch fir d'Archiven an de Stockage.

19. Dir verspreecht eis « **Absicherung und Ausbau des jährliche Kulturprogramms** ». Dorënner kann ee sich alles an näischt virstellen. Mir gi mol dovun aus, dass di alljährlich kulturell Highlights wéi de *Forum international pour Flûte et Piano* oder de *Festival de la Gravure* och an den nächste Jaren am Dikricher Kultur-Agenda wäerte stoen. Mir ginn och dovun aus, dass Dir di kulturell Aktivitéiten, déi vun den Dikricher Museeën iwwert d'ganzt Jar gemaach ginn, och weiderhin ënnerstëtzt.

D'Professionnalisatioun vun der Kultur huet den Avantage, dass verschidde kulturell Aktivitéite lafen, ouni dass d'Gemeng konzeptuell oder inhaltlich muss agräifen. Di selwischt Professionalisatioun kann awer och dozou féieren, dass eng gewëss Routine, Monotonie, Banalitéit oder Langweil sich mat der Zäit um kulturelle Plang ka breet maachen. An hei ass et d'Roll vun der Gemeng fir Akzenter ze setzen an Eventer un ze stoussen. Är Schäfferots-erklärung gëtt eis net d'Gefill, dass Dir dat kënnt oder wäert maachen.

Mir wollten awer hei nach eng Lanz breeche fir eng adäquat personell Besetzung an den Dikricher Muséeën, wou mir der Meenung sinn, dass d'Personal am mëttleren Ausbildungs- a Kompetenzberäich onbedéngt muss opgestockt ginn. Um Beispill vum Geschichtsmusée hannert der Aler Kierch léisst dat sich ganz einfach veranschaulichen. Deen iewischten Niveau, d'Direktioun, ass mam Carine WELTER optimal besat. Och op deem ënnischten Niveau ass de Musée personell ganz gutt ausstafféiert. Awer, de Lien tëschent der Direktioun an dem Bodenpersonal dee feelt : De 16. Dezember 2013 hat d'CSV schonn am Gemengerot gefuerdert et misst onbedéngt eng qualifizéiert Persoun agestallt ginn, déi fir konzeptuell, thematisch oder akademisch Aarbichten a Vermaarktung vun den Dikricher Muséeën verantwortlich ass.

20. Mir hoffen, dass de Projet vum « **Bau einer zusätzlichen staatlichen Sporthalle auf dem Herrenberg** » méi fest am Suedel sëtzt wéi de Projet vum Velodrom um Härebierg deen Dir 2005 ugekënnigt hat. Wann et zum Bau vun där Hal kënnt, muss de Schäfferot onbedéngt duerfir suergen dass di Dikricher Sportsveräiner och an där neier Hal um Härebierg d'Méiglichkeet kréien ze trainéieren.

21. Ganz am Onklare loosst Dir eis beim « **Bau einer zusätzlichen Sporthalle in Diekirch** ». Mat Sécherheet ass e Besoin do fir zousätzlich Trainingsplagen, mee mir ginn net gewuer, ob et sich hei och ëm ee staatliche Projet am Kontext vun der Sportsinfrastruktur fir de Campus MERTEN handelt oder ob d'Gemeng hei wäert maître d'ouvrage sinn. Wou di Sportshal soll hikommen, wëllt Dir eis och net verroden.

22. Ganz zum Schluss nach ee Wuert zum « **Aufbau einer lokalen Jugendnordstad-kommision** ». Mir huelen un, Dir wëllt eng regional Nordstad-Jugendkommissioun schafen, well ënnert enger lokaler Jugendnordstadkommissioun kënne mir eis beim beschte Wëllen näischt virstellen. Mir froen eis, ob et net méi sënnvoll gewiecht wär, d'Nordstad-Jugend asbl, déi jo besteet an déi méi oder manner gutt funktionnéiert, besser z'ënnerstëtzen an opzewäerten.

An domat si mir um Schluss vun eisen Ausféierungen ukomm.

Här Buergemeeschter,

Dir hutt är Schäfferotserklärung fir d'Mandatsperiod 2018 - 2023 mat der Introduktioun vun 2011 ugefaang. Ech erlabe mir eise Kommentar vun ärer Schäfferotserklärung vun 2018 mat dem Schlusswuert vun eisem Kommentar vun 2011 ofzeschléissen :

« Et ass d'Roll vun der Oppositioun, der Majoritéit hire Projet de gestion communale fir di nächst sechs Jar – är Schäfferotserklärung – kritisch ze beliichten. Mir hunn är Schäfferotserklärung net systematisch schlecht gemaach, mir hu versicht déi Punkten opzezielen, wou Dir eiser Meenung no mat ärer Aschätzung falsch läit, … awer net ouni hei an do di eng oder aner Suggestioun ze maachen. Mir verléiere sécher net aus den Aen, dass eist an äert Ziel de Bien-être vun der Stad Dikrich an hiren Awunner ass : *Hauptziel ist es, [die Attraktivität] Diekirchs und der Nordstad als Wohn- und Arbeitsstadt zu steigern und gleichzeitig allen Diekircher Bürgern eine hohe Lebensqualität zu gewährleisten*. Wat d'Ziel ugeet, si mir eis sécher all eens hei um Dësch. Mir si bereet, eng Hand mat unzepaken, wann dat erwënscht ass a wa mir doduerch op där richtiger Schinn an di richtig Richtung virukommen. »

Mir soen ech Eech Merci fir Är Gedold.

Paul BONERT, Françoise KERGER, Robert BOHNERT, Charles WEILER